

D' Stad an de Jim no allen Nouten

„Lo maache mer de Sak zou“, sot de Jim, wéi ech mech um *Lentzen Eck* bei hie gesat hunn. En hat e belschen Abteibéier mat enger wäisser Drëpp virun sech stoen, an 't war keng Konscht ze mierken, datt mäin ale Frënd net réischt fënnef Minutten do souz.

„Lo ass et ee fir allemol riwwer“, huet en hannendrugehaangen, sécher well ech en net schëtzeg genuch gefrot hat, wat fir e Sak en da lo zouméich. „Schluss! Aus die Maus! Deen heiten huet haut déi lescht Nout geblosen, dat ginn ech der schréftlech op eng Salztut.“

Aha! Ëm d'Musek goug et, ëm d'Schläifmillener Harmonie, an där de Jim Trompett spillt. Se haten deeselwechten Owend op der Plëss e Concert ginn, mä de Jim hat d'Uniform schonn aus, der Däiwel weess, wou en sou séier an d'samette Box geklomme war.

„Wat ass da geschitt, Jim, goufs de rausgehäit, has de derniewent gefacht?“ Ech konnt mer erlaben, hien ze exteren, mir waren allebéid vun der Musel, mer waren allebéid an darselwechter Schoul an der Belsch gewiescht, a mer hunn allebéid eist Liewe laang an der Stad geschafft. De Jim hat et an de siwwenzeger Joren op d'Schläifmille verschloen.

„Dernieft gefacht?! Du fachs dernieft! A fir sou e Säckdréier hunn ech mir nei Zänn maache geloss! Riwwer son ech der Fini, Monsieur!“

O, dat war e kloert Zeechen! Wann de Jim bis ugefaangen huet franséisch ze schwätzen, da war e méi bedämpft, wéi een ugaangs gemengt hätt. Da muss en nom Concert zerguttst opgeschott hunn.

Vu Beruff war de Jim Steierbeamten, mä zäitliewens ass hie Musikant gewiescht, an ech déit soen, en hätt alles gehat, fir e richtegen an dichtege Museker ze ginn; an der Militärmusek, am Radiosorchester oder sou. An eiser belscher Zäit ware mer allebéid an de „Petits Chanteurs à la Croix de Bois“ an hunn all puer Méint an de wäisse Räck an der Cathedral zu Lëtzebuerg d'Krankemass gesongen, déi vum Radio iwwerdroe gouf. De Jim war am Ufank e Sopran- a spéider en Tenorsolist; hie war och deen, deen um Enn vun der Mass huet dierfen nieft dem Leblanc op der Uergelbänk sätzen an d'Blieder ëmdréien, wann deen eng Toccata gespilt huet. Mä d'Schoul goug riwwer, a beim Jim blouf et bei der Blommusek; am Ufank doheem an der Hëttermillener Fanfare a spéider an der Schläifmillener Harmonie.

Neen, eppes duerf een net vergiessen: dem Jim säin Danzorchester aus de siechzeger a siwwenzeger Joren. Wann „d'Muselbléiser“ opgespillt hunn, wann dee flotte Jim op senger Trompett den *Silenzio* oder den *Gummi-Mambo* gespilt huet, da war hien net nëmme bei de Meedercher fir de ganzen Owend den Hunn am Kuerf.

Zesumme si mer an den achzeger Jore vill bis an de Gronn bei d'Dancy an säi Piano gepilgert, an de Jim hat stänneg seng Trompett am Etui derbäi. Wann e wollt bëleg drénken, dann huet en nëmme zum Dancy misse soen, „Dancy, de *Summertime!*“. Dann huet dat nach séier eng Schlupp aus dem Schampesglas geholl, a scho sinn deem seng ural Fangeren iwwert d'Klaviatur gedantz. An de Jim huet aus senger Trompett mat deem spezielle Mondstéck (sou sot de Jim mol ëmmer) Noute rausgezaubert, déi een net fir mëglech gehalen hätt. Vu lénks a riets krut hien da spendéiert, an nach dräi-, véiermol am Owend gouf geruff: „Jim, de *Summertime!*“

Wéi d'Discosmusek an den Technospektakel Iwwerhand geholl hunn, wéi déi Jonk ëmmer méi op honnert Decibel an op d'CDen an d'Walkmäner geflippt sinn, an déi nei Orchesteren elektronesch Ongeheier opgetiermt hunn, fir gehéiert ze ginn, du war et lues a lues mat de „Muselbléiser“ riwwer, de Jim huet gestreikt. De Jim war op engem Virowend zum Nationalfeierdag um Knuedler dem deemolege Kulturminister begéint, an dee sot matzen an deem Hällespektakel zum Jim, deen e jo guer net kann huet, him wier e Bauer léiwer, deen doheem um „Bügel“ e puer Noute géif probéieren, ass wéi dee ganze sophistikéierte Kaméidi do. „Vun deenen zwanzeg Haut-parleuren do sinn der zwanzeg zevill“, sot de Minister. Dat souz herno ganz déif beim Jim, an dofir huet hie bis haut op der Schläifmille och als ee vun deene beschte gegollt.

Bis haut. „Da so mer, wat geschitt as, houere Jim!“, hunn ech eng leschte Kéier noegeuert, an

de Jim huet mech riicht an d'Gesicht gekuckt, de Mond opgerappt a mer mam Fanger seng viischt Zänn gewisen.

„Hei!“, sot en, „weess de, wat dat ass? Fonkelnei viischt Zänn sinn dat! Déi mech e Verméige kaschten, a fir déi ech bal näischt rëmkreien! Déi al waren ale Buttek, iwverhaapt keen Usaz méi. Awer mat deenen doen! Mä léiwe Jong! Mä du gees jo kee Concert lauschteren, soss häss de mäin Usaz matkritt. Sou en Usaz, son ech der!“

„An dofir wëlls de lo ophalen?!“

„Du verstees guer näischt! Nom Concert si mer e Patt an de *Café de Paris* drénke gaangen. Ech sinn een Abléck d'Waasser ofschëdde gaangen. A wéi ech rëmkoum, du war meng Trompett fort. Geklaut! Einfach geklaut. Bal zwanzeg Joer hat ech déi. An dofir, Schluss, son ech der, ee fir allemol Schluss!“

D'Meedchen huet eis zwéin nach eng Klensch op den Dësch gestallt, an nëmme fir eppes ze soen, frot ech de Jim, ob et säin eegent Instrument war, oder der Harmonie hiert.

„Ma sécher war dat meng Trompett“, huet e gebaupst; „nach aus der ‚Muselbléiser‘-Zäit! Dat mécht mech jo sou rosen. Da 's mäi speziell Mondstéck, domat ka keen eppes ufänken, do kritt keen en Toun raus ausser mir! An dat um éischen Dag no mengen neien Zänn!“

„Himmelnondidjö“, sot en nach hannendrop, mä dat muss ech jo hei net widderhuelen.

Josy Braun



Guy Hoffmann